


15 Membere vum Flyfishing Club aus Lëtzebuerg haten sech och dësen Hierscht erëm op de Wee gemaach fir an de Vogesen ze fëschen, vum 4. bis de 6. Oktober hate mir eis erëm Chaleten op der Base de Loisir vum Lac de la Moselotte reservéiert a konnten och um Séi déi dräi Deeg fëschen. Verschidde Membere vun eisem Club hunn dann och erëm ewéi ëmmer dovunner profitéiert fir een Dag drun ze hänken a si schonn Donneschdes ugereest. Eise Club fiert elo schonn zanter 2007 op Saulxures wou mir eng éischte Kéier zu la Bresse am Hotel des Vallées geschlof haten. Bei deier Sortie hate mir de Séi zu Saulxures nach fir eis ganz erläng wou entretemps awer ëmmer méi Fëscher dës Destinatioun fir sech entdeckt hu wat mat sech bréngt dass am Laf vun der Zäit d´Fësch ëmmer méi Drock kritt hunn an deementspriechend dann och méi virsichteg gi sinn. Dës Kéier haten d´Fëscher sech och nach am Agang vum Séi versammelt gehat, do wou d´Quellen era lafen ewell do och Fësch gefaange gi sinn. Dernieft waren och erëm Belly Booter eraus esou dass fin mot d` fëschen erëm eng Erausfuerderung war mee eis Fëscher hunn sech awer daper geschloen a jidderee konnt seng Fësch fänken an et waren ewéi ëmmer op deier Plaz natierlech ganz schéi déck Fësch am Séi besat.





Et sinn dann och verschiddentlech Baachforelle gefaange ginn an den Änder hat ze guer eng marbréiert Forell gefaangen, och sinn am Lac de la Moselotte vill wäiss Fësch ze fänke woubäi eis Memberen och mol eng Routfieder, ee Min oder eng Piij konnte fänke jee et wor ganz ofwiesslungsräich zemools wou och nach d´Wieder mat gespillt huet.









 



Ewéi ech den zweeten Dag Moies erwächt si war décken Niwwel iwwert dem Séi an ech konnt Moies Kormorane fotograféieren ewéi se an der Rei gejot hunn, ewéi ech herno mech op de Wee gemaach hu

fir d Kolleege fotograféieren ze goe sinn ech dem Garde begéint an ech hunn Him verzielt vu menger Siichtung mat de Kormoranen, Hien huet sech dunn och direkt op de Wee gemaach a kuerz duerno huet et scho geknallt, Hien probéiert mat enger Schreckpistoul d´Kormoranen ze verdreiwe mee leider awer mat wéineg Succès ewell Des sech net esou séier beandrocke loossen. Ech wollt dat mol ernimmen ewell et war déi éischte Kéier dass ech Kormoranen zu Saulxures gesinn hunn, de Reeër war och fréier Moies schonn um Rendez – vous wat awer kee Mënsch gestéiert huet.







Eis Fëscher hunn sech awer och net vun de Kormorane beandrocke gelooss an d Freed um fësche konnte Sie Hinnen och net huelen. Scho ganz fréi Moies ware Sie beim Waasser ausser engem deen sech besonnesch gutt preparéiert huet wat jo och net onwichteg ass a wann een dann esou gutt preparéiert bei d´Waasser geet da mussen et och net dozende Fësch sinn da kann ze guer eng Forell den Dag retten a souwisou geet et jo net nëmmen ëm d ´fëschen zu Saulxures ewell eise Weekeend um Lac de la Moselotte ass ëmmer eng kléng Vakanz an dat genéisse mir dann och a vollen Zich, woubäi mir beim Iesse wären.

Hei hat de Fränz erëm Alles an d´Hand geholl an seng Organisatioun huet och gutt geklappt zemools wou Hien jo och eppes dovunner kennt. Hien hat dës Kéier awer ee bësse méi Misär fir ee Restaurant ze fannen ewell um Site selwer de Restaurant zou war an do wou mir normalerweis auswäichen och

Congé annuell war mee ewéi schonn ernimmt huet de Fränz seng Organisatioun wonnerbar geklappt an ech hu Keen héieren deen net zefridde gewiescht wär.





De Sonnden huet eis dunn mat engem wonnerschéine Sonnenopgang begréisst an iwwerhaapt kann ee soen dass mir et gutt erwëscht haten ewell mir hate schéint Hierschtwieder mat allem wat dozou gehéiert, Mir freeën eis dann och ëmmer fir dohinner ze fueren zemools wou et ëmmer manner Destinatioune ginn déi mir kennen als Fëscherclub usteiere wat och ee Grond ass firwat mir direkt zwee mol am Joer Saulxures an eisem Programm integréiert hunn. Fir ofzeschléisse well ech dann nach eng Kéier op den Ufank zeréck kommen, nodeems mir jo bei eisem éischten Ausfluch op de Lac de la Moselotte nach zu la Bresse am Hotel la Vallée geschlof hate ware mir deemools vun engem Fëscher, dem Roger Garca  bei sech invitéiert ginn deen deemools schonn an engem Chalet um Site selwer logéiert war an nodeems mir eis dunn dovunner iwwerzeege konnten dass dës Chaleten och all Komfort bidden déi een fir esou een Openthalt benéidegt hunn mir dunn och um Site selwer logéiert.













